LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, vun der Justizministesch, Sam Tanson, a vum Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7719 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Den informatesche System vun de Justizautoritéiten erlaabt et net, e genaue Prozentsaz auszerechnen.

D'Majoritéit vun de Pensionnairen, déi 2022 am stationäre Beräich vum CSEE betreit gi sinn, haten op d'mannst eemol ee Verhalen un den Dag geluecht, deen dem Gesetz no enger Infraktioun entsprach huet. Et sief preziséiert, datt e Verstouss géint e Gesetz net onbedéngt de Grond ass, firwat e Jugendlechen am CSEE ënnerkënnt.

**Ad 2)**

Et ergëtt sech follgend Opdeelung vun den Nationalitéite vun de Pensionnairen, déi op d'mannst een Dag am Laf vum Joer 2022 am CSEE am stationäre Beräich opgeholl goufen:

| **Nationalitéit** | **%** |
|---|---:|
| Lëtzebuerger | 42,61 |
| Staatsbierger aus engem Land aus der Europäescher Unioun | 27,83 |
| Staatsbierger aus engem Land ausserhalb vun der Europäescher Unioun | 22,60 |
| onbekannt | 6,96 |

**Ad 3) – 6)**

Mir verweisen op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5972 vum 22. Abrëll 2022 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup an op d'parlamentaresch Fro Nr. 7479 vum 17. Januar 2023 vun den honorabelen Deputéierten Octavie Modert a Léon Gloden.

D'Datebanke vun der Police erméiglechen et net eng automatiséiert Recherche op d'Virfäll déi sech exklusiv op d'Strukture vum CSEE oder der UNISEC bezéien, ze maachen. Bei dëser automatiséierter Recherche géifen all Policeinterventiounen an all Virfäll déi ronderëm respektiv an der Lokalitéit Dräibuer geschitt wären, ugewise ginn.

**Ad 7)**

Wann d'Gesetzesprojeten Nr. 7991 iwwert d'Aféiere vun engem Jugendstrofrecht an Nr. 7994 iwwert d'Assistance, d'Ënnerstëtzung an de Schutz vu Kanner, jonken Erwuessenen a Familljen, gestëmmt sinn, wäert d'UNISEC en tant que telle net méi existéieren. Amplaz ass et virgesinn, eng adequat a spezialiséiert Struktur fir stroffälleg Jugendlecher ze bauen.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH